# d'Peffermillen

Natierlech huet de Justizminister ni behaapt, d'Auslänner wären all als Gangster suspekt. Mä seng zweedeiteg Wieder si bei senger Wieler natierlech esou verstan gin. Dat wollt e jo wuel esou. Firwat hätt e soss an enger Pressekonferenz vun enger mi strenger Kontroll a puncto Awanderung geschwaacht, obschons di meescht auslännesch Gangster glat net bei eis wunne, mä jhust fir e puer Stonnen (oder Minutten) heihikommen fir en Iwwerfall. Dem Minister seng zweedeiteg Wieder gonge awer duer, fir dass bei der Police (a bei RTL an am Tageblatt) neess d'Nationalitéit vu Capverdianer beim Iwwerfall op eng Benzinsstatioun genannt gouf an de Minister sou nodréiglech sollt Recht kréien, och wann di statistesch Wourecht eng aner ass. Die elektoral Wourecht ass him méi wichteg.

De Justizminister Luc Frieden – scho neess hien – huet de 19. Juni an der Chamber behaapt, en 10 Joer aalt Zigeinermeedche hätt missen am Prisong zu Schraasseg agespaart gin, fir ons Lëtzebuerger géint séng kriminell Machenschaften ze schützen, well all Lëtzebuerger, besonnesch awer d'CSV-Wieler, wësse jo, dass Zigeiner klauen ... Suguer dem LW gong dat ze wäit an de Journalist huet a séngem Artikel statt vun Zigeiner korrekt vu Roma geschriwwen. Matt deem Begrëff gin alt e bëssche manner Viruurteeler verbonnen. Wann de Justizminister bei sénger Astellung bleift, kann dat jo nach monter gin, wann Ungarn a Rumänien emol Member vun der EU sin an di Leit matt vollem Recht däerfen hei aus an a goen! Bis elo ass et de Membere vun deem Nomadevollék nach ëmmer vu virera verbueden, sech bei ons opzehalen, well Zigeiner klaue jo …

Dass bei enger Mammutveranstaltung, fir déi 50 000 Leit erwaart gin, och eng Rëtsch Seecherheetsmesüre néideg sin, liicht dem Koschter an. Dass ee bei engem Concert op de Schlake vun Esch-Belval „aus Sëcherheetsgrënn“ verbidd, Béxen a Fläsche mattzebréngen, fënnt de Koschter manner iwwerzeegend, well wee gewollt hätt, hätt sech nëmm brauchen ze bécke fir e puer Steng opzerafen. Wann et awer heescht, „aus Sëcherheetsgrënn“ wär et verbueden e Bréidchen oder eng Mëtsch mattzebréngen, dann ass dat eng Frechheet, well di Wuere goufe fir deier 3 Euro an der Enceinte vu Steelworx verkaf. De Koschter freet sech suguer, ob dat legal ass, fir esou matt Gewalt e kommerzielle Monopol duerchzesetzen. A wee kritt de Boni vum Verkaf, well bei där Hëtzt gouf bestëmmt genug Gedrénks verkaf? Éieren de Steierzueler, deen dach de Concert (pré?-)finanzéiert hat an op Entréespräisser verzicht hat? Schön wär's, an dach nëtt éierlech.

Zu Lëtzebuerg stecht d'Trennung vu Kierch a Staat awer nach an de Kannerschong. Oder wéi muss ee sech erklären, dass bei engem Staatsakt - déi Kéier eng Trauerfeier fir de verstuerwenen Eirestaatsminister Pierre Werner - jhust den Äerzbeschof vu Lëtzebuerg däerf schwetzen? Säit wéini zielt hien zu de Vertrieder vum Staat? Oder muss de Staat emol léieren, zivil Trauerfeieren z'organiséieren? Da gëtt ët héich Zäit.

Fir Groussherzogs sin d'Lëtzebuerger nach net all gläich: Wi de Pierre Werner gestuerwen ass, huet den Haff en Ëmfank, dee fir Donneschdes de 27. Juni geplangt war, via Press ofgesot. Dat verdéngt Respekt. De Koschter ass awer gewuer gin, dass den Haff oder séng Mattaarbechter dee Respekt net ëmmer vis-à-vis vun den Invitéën hunn: Wi vrun en etlech Joer en Invité sech entschëllege wollt, dass e nët kënnt kommen, well säi Papp gestuerwe wär, krut e schrëftlech geäntwert, dat géif nët als Excuse zielen ...



**m.p.**